



Groupe parlementaire

N°286
Entrée le 06.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2024
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Februar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

All Dag informéieren sech vill Leit um Zitt vun der CFL a Mobilitéit.lu iwwert hir respektiv Méiglechkeeten, fir den ëffentlechen Transport ze benotzen. Et fällt awer op, datt déi genannte Säiten op Däitsch, Englesch a Franséisch verfügbar sinn, net awer an eiser Nationalsprooch Lëtzebuergesch. Vu, datt déi genannte Säiten no de soziale Medie warscheinlech zu deenen am Alldag am meescht benotzten Internetsäiten zu Lëtzebuerg gehéieren, géif sech hei jo eng Geleeënheet bidden eis Sprooch am ëffentleche Raum héichzehalen. Och am Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch gouf op Säit 53, am Bezuch op offiziell Internetsäiten dat hei festgehalten: "*Fir all Internetsite soll eng Versioun op Lëtzebuergesch kommen*".

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gären dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister begrënne firwat de Zitt vun der CFL a Mobilitéit.lu bis ewell net op Lëtzebuergesch zu Verfügung stinn?
- 2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, op et entspreichend dem Plang fir d'Lëtzebuerger Sprooch schonn eng intern Richtlinn fir staatlech Institutioune gëtt, fir dës Websäite ganz oder deelweis op Lëtzebuergesch zur Verfügung ze stellen?
- 3) Falls jo, a wéi engem Zäitraum?
- 4) Speziell am Bezuch op de Zitt vun der CFL fällt op, datt dësen den Notzer fir d'éischt automatesch op Franséisch ugewise gëtt. Gëtt et eng Méiglechkeet, dësen am Sënn vun eiser Méisproochegkeet entweder automatesch mat der Sprooch vum Browser ze synchroniséieren oder per default op Lëtzebuergesch unzeweisen?
- 5) Sollt dat aus technesche Grënn net méiglech sinn, wéi steet d'Madamm Minister dann zu der Méiglechkeet, automatesch e Begrëssungssaz op Lëtzebuergesch anzefügen?

Mat déiwem Respekt,



Tom Weidig
Deputéierten



Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, a vum Här Eric Thill, Kulturminister, op d'parlamentaresch Fro N° 286 vum 6. Februar 2024 vum Här Deputéierten Tom Weidig iwwer den Internetsite vun den CFL op Lëtzebuergesch

Aktuell ass den Internetsite vun den CFL a Franséischer, däitscher an englescher Sprooch verfügbar. Duerch déi Panoplie vu Sproochen erreechen se quasi all Benotzer an eisem Land. Et sief och bemierkt, dass vu jeehier d'Sproochusoen op all de Garen am Land an och an den Zich systematesch op Lëtzebuergesch an an enger zweeter Sprooch gemaach ginn.

D'CFL ass aktuell dobäi op hirer Homepage eng statesch Begréissungsnoriicht op Lëtzebuergesch anzeriichten an domat zu der Visibilitéit vum Lëtzebuergesche bäizedroen. An Zesummenaarbecht mam Commissaire fir d'Lëtzebuurger Sprooch wäerten d'CFL nach no weidere Méiglechkeete sichen, fir d'Nationalsprooch bei der Eisebunn nach méi present ze maachen.

Et muss ee verstoen, dass eng Lëtzebuergesch Iwwersetzung derbäizesetzen, net nëmme géif heeschen, e puer statesch Säiten ze iwwersetzen. Déi vun den CFL opgebauten informatesch Architektur vum Site ass komplex an et existéiert eng Villzuel vun Ofhängegkeeten tëschent de Systemer, déi d'Fuerplanglich, d'Uweise vu Stéierungen, d'Uweise vu Baustellen an de Kaf vun internationale Billjeeë geréieren, net ze schwätze vun de mobillen Applikatiounen, déi och zu dëser Architektur gehéieren. Dës Systemer sinn esouguer iwwergräifend an engem internationalen techneschen Ëmfeld mat den Eisebunnsgesellschaftene vun eisen Nopeschlänner verbonnen.

Well déi meescht vun dëse Computersystemer an Echtzäit schaffen, ass déi domat verbonne permanent Aarbechtslaascht schwéier ze quantifizéieren, an d'Onstëmmegkeeten, déi sech aus der Iwwersetzung géifen erginn, kéinten zu Confusioune féieren. Dobäi ass et eebe grad wichteg, zouverlässeg Informatiounen an Echtzäit ze hunn, besonnesch wann de Reesenden ënnerschiddlech Transportmëttel benotzt.

Dat selwecht gëllt fir d'Websäit „mobilitéit.lu“, déi a Franséischer, däitscher an englescher Sprooch verfügbar ass. Och an der App ginn d'Messagen iwwer d'Perturbatiounen an deenen dräi Sproche verschéckt resp. gepusht, jee no Sproochekonfiguratioun vum perséinlechen Handy.

Fir d'Websäit an d'App zousätzlech op Lëtzebuergesch kënnen zur Verfügung ze stellen, wier eng detailléiert Analys néideg, fir d'Aarbechtslaascht an déi domat verbonne Ressourcen a Budget kënnen anzeschätzen. Ob dëst zu dësem Zäitpunkt realisierbar ass, muss am Kader vun den nächste Budgetgespréicher diskutéiert ginn.

Grad d'Beispill vun der komplexer CFL-Säit weist, datt eng allgemeng Richtlinn fir d' Websäite vun de staatlechen Institutiounen an Administratiounen a Saache Lëtzebuenger Sprooch onméiglech opzestellen ass. Dofir kuckt de Commissaire fir d'Lëtzebuenger Sprooch mat jiddwer Verwaltung eenzel, wat méiglech ass. Dëst ënnersträicht awer och d'Noutwendegkeet vun engem gudden digitalen Iwwersetzungstool, un deem eis Universitét an den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch grad schaffen.

D'CFL wäerten eng automatesch Upassung vun der Standardsprooch un d'Preferenze vum aktive Browser op dem benotzten Apparat virhuelen.

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes